Uebstbeem richteg planzen

SICONA Naturschutzsyndikat

E klenge Guide fir vill Joer Freed



Méi wéi „nëmmen" Uebst!

Wosst Dir schonn?
Bongerte gehéieren zu eisem kulturellen a natierleche Patrimoine. Si verschéineren eis Landschaft, liwwere regionaalt Uebst a bidden enger grousser Villfalt un Déieren a Planzen e wäertvolle Liewensraum. Leider si vill Bongerten an de leschte Joerzéngte verschwonnen.


Mat all geplanztem Uebstbam droe mir dozou bäi, dëst wäertvollt Ierwen an eis Biodiversitéit och fir déi nächst Generatiounen ze erhalen.





D'Planzen

Déi richteg Plaz



Beim Planzen vun Héichstamm-Uebstbeem ass et wichteg, d'Uebstzort an d'Standuertbedéngungen openeen ofzestëmmen. All Zort huet ënnerschiddlech Usprech un Expositioun, Relief a Buedemtyp. Laangunhalent Nätzt an extrem dréche Biedem si fir déi meescht Uebstbeem net gëeegent. De SICONA gräift heifir op al, robust Uebstzorten zeréck. Eng Lëscht mat Suggestioune fannt Dir op eisem Site.

D'Beem sollen en Ofstand vun ongefeier 15 Meter zueneen hunn. Déi ideal Planzzäit ass am Hierscht.

Schrëtt fir Schrëtt

1. D'Lach aushiewen
Heibäi oppassen, dass den Duerchmiesser minimum duebel sou breet ass wéi d'Wuerzelen.



2. De Potto aschloen
Am Beschten op d'Haaptwandrichtung oppassen, de Bam soll spéider am Wandschiet stoen.

3. Buedem preparéieren
Buedem oplackeren, Kompost bäifügen (1/3 Kompost zu 2/3 Buedem) a gutt duerchmëschen. Och Schofwollpellets oder Hornspéin kënne mat ageschafft ginn.



4. Wuerzelen zeréckschneiden
Beschiedegt Deeler an ugedréchent Wuerzelspëtzen ofschneiden. Zu deem Moment mécht een och de Planzschnëtt.

5. Bam aplanzen
De Bam an d'Lach setzen an de Buedem an d'Lach schëppen, de Bam net méi déif planzen wéi e virdrun stoung. Dobäi de Bam heiansdo rëselen, fir datt de Buedem och bis zwëschent d'Wuerzele kënnt. Dono de Buedem gutt untrëppelen.



6. Anstänneg nätzen

7. Mat Rindenmulch bedecken
De Mulch hält de Buedem fiicht a verhënnert d'Konkurrenz vu Grieser.

8. De Bam um Potto festbannen
Hei oppassen dass weder ze fest nach ze labber gebonn gëtt. Am Beschte reegelméisseg kontrolléieren, fir datt d'Seel net awiisst.

De Planzschnëtt



Beim Planze gëtt dann och direkt de Planzschnëtt gemaach. Dëse soll d'Verhältnis zwëschent der Kroun an de Wuerzelen ausgläichen. Sou gëtt de spéideren Opbau vun der Bamkroun festgeluecht.

Fir d'éischt ginn de sougenannte Mitteldriw an dräi bis fënnef gëeegent Säitenäscht erausgesicht. Hei soll opgepasst ginn, dass dës onverletzt, kräfteg a gläichméisseg um Bam verdeelt sinn. All aner Driw ginn direkt um Stamm ofgeschnidden.

Zum Schluss ginn d'Säitenäscht op déi nämmlecht Längt gekierzt, de Mëtteldriw soll ongeféier een Drëttel iwwerstoen.



Den Erzéiungsschnëtt

Déi éischt Joer sinn entscheedend fir eng gutt Entwécklung vum Bam. Virun allem am éischte Summer soll de Bam bei längerer Dréchent reegelméisseg genat ginn. D'Bamscheif soll zudeem fräi vu Gras a Vegetatioun gehal ginn, fir datt de Bam genuch Waasser a Närstoffer kritt.



Fir dass sech eng gesond, stabil Kroun entwéckelt an de Bam op Dauer Friichten droe kann, muss reegelméisseg e sougenannten Erzéiungsschnëtt duerchgefouert ginn.

Heibäi geet et drëm, de Prinzip vum Planzschnëtt weiderzeféieren: Driw, déi ongënschteg wuessen oder de Säitenäscht Konkurrenz maachen, mussen ewechgeschnidde ginn. Eng wichteg Reegel ass: Wat op där enger Säit vun der Kroun geschnidde gëtt, dat muss och op der anerer Säit geschnidde ginn. Dësen Ausgläich ass immens wichteg.

Op sicona.lu/obstwiesen fannt Dir wäertvollt Infomaterial a Formatiounsméiglechkeeten. Bei Froe kënnt Dir Iech gären un eis wenden.

De Schutz vun de jonke Beem



De Verbëss duerch Wullmais, Véi oder Wëld ka virun allem fir déi jonk Beem negativ Konsequenzen hunn. Dofir ass et wichteg, scho beim Planzen déi néideg Schutzmoossnamen ze ergräifen. Dat soll een duerch e Wullmausschutz, e Véischutz oder e Verbëssschutz géint d'Wëld maachen.

Eis wëll Déieren soen Iech Merci!











Kontakt

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen
L-8393 Olm
Tel.: (+352) 26 30 36 25
administration@sicona.lu
sicona.lu

Méi Infoen och op:

Kierfchen.lu
Online-Plattform
mat vill Infomaterial
ronderëm d'Bongerten

© Layout, Fotoen & Grafiken: SICONA 2026